



N°7441  
Entrée le 04.01.2023  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 04.01.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
Präsident vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass gewosst, datt d'Präisser fir Düngemëttel den Ament historesch héich sinn. Elo plangt d'EU-Kommissioun nach zousätzlech, datt d'Düngemëttel an dee geplangten CO2-Grenzausgleichsmechanismus mat abezu solle ginn. Bei de Bauereverbänn COPA an de ländleche Genossenschaften (Cogeca) -zu deem och déi Lëtzebuenger Centrale Paysanne gehéiert - ass dëst Virgoen op haart Kritik gestouss.

Deemno géif d'Abeséie vun den Düngemëttel an den CO2-Grenzausgleichsmechanismus dozou féieren, datt d'Präisser fir Düngemëttel nach zousätzlech an d'Luucht ginn. Dëst géif och d'Käschte vun der landwirtschaftlecher Produktioun an Europa weider an d'Luucht dreiwen a gläichzäiteg géif d'Gefor bestoen, datt d'Notze vun importéierte Liewensmëttel méi attraktiv a méi wettbewerbsfäeg kéint ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi stellt sech d'Lëtzebuenger Regierung zu deem Virschlag, d'Düngemëttel an den CO2-Grenzausgleichsmechanismus mat anzebezéien?
2. Fäert d'Regierung deen Abléck net och, datt et zu deenen uewe genannte Konsequenzen och fir d'Lëtzebuenger Landwirtschaft komme kéint?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen  
Deputéierten